



wat hei mat Recht ëmmer erëm kritiséiert ginn ass. Dat ass eng Application provisoire vun engem Traité, just wann déi europäesch Institutionen en ugeholl hunn an iert déi national Parlamenter sech kënnen eenegen oder ausschwätzen am Fall vun engem Accord mixte. Och dat ass eng ganz wichteg Saach.

Et ass ëmmer erëm an den Diskussiounen vun alle Parteien ugeklongen, datt mer dat eigentlech net wëilten, eng Application provisoire - ma, da loosse mer déi Méiglechkeet aus dem Traité eraushuelen! -, genausou wéi mer eigentlech iwwerhaapt keng exklusiv europäesch Kompetenz brauchen. Ech mengen, wann et esou ass, datt en Traité wierklech nëmme gemeinschaftlech Kompetenze beréiert, da passéiert e jo och ouni Problemer an ouni Délaïen déi national Parlamenter. Soudatt och dat rengt zäitlecht Argument kaum kann invoquéiert ginn, fir eng einfach Ofschafung vun enger exklusiv europäescher Kompetenz an den Traitéen duerchzesetzen.

Et ass eigentlech dat, wat d'ADR lech proposéiert: eng Konklusioun aus eisen eegenen Observatiounen heibannen. U sech och eng Méiglechkeet, fir ze testen, wéi seriö mir et mengen, wa mer soen, mir hätte gär éischstens, datt d'Nationalstate méi matzeschwätzen hunn a wichtige Handelstraiteen, datt mer eis net wëlle viru Faits accomplis vun iergendengem juristeschen Avis vun der Europäescher Kommissioun setze loossen an datt mer et eescht huele mat deem Wonsch, fir berechtigt Bedenken an der Zivilgesellschaft anzebréngen a Verhandlungen, och wann en europäeschen Traité ausgehandelt gëtt.

Dat ass Sënn an Zweck vun dëser Motioun. An ech mengen, mir wäer mat eis selwer logesch an éierlech, wa mer se géifen unhuelen an domadder och den europäeschen Institutionen e kloert Signal ginn, wat mir menge mat engem Matsproocherecht vum Lëtzebuerger Parlament.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Kartheiser. De Premier- a Statsminister hat Positioun dozou geholl. Den Här Angel freet sech d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marc Angel (LSAP).**- Jo, Här President. D'Lëtzebuerger Parlament huet sech an deene leschte Joren, wann et ëm Fräihandelsverträge gaangen ass, ëmmer fir d'Matbestëmmung vum Lëtzebuerger Parlament agesat. Ech erënneren un déi sëlliche Bréiwer, déi Dir mat Kolleege Presidente vun aneren nationale Parlamenter zesummen un d'Kommissioun geschriwwen hutt. Ech erënneren un déi Bréiwer, déi ech als President vun der aussen- an europapolitescher Kommissioun am Kader vun der COSAC mat menge Kolleege Presidente vun den Europa-Kommissiounen aus deenen aneren nationale Parlamenter un d'Kommissioun geriicht hunn. Ech erënneren un d'Motiounen, déi mer hei am Parlament gestëmmt hunn, souwuel zu TTIP wéi och zu CETA, wou mer dat net méi spéit wéi de 7. Juni gefuerdert hunn. Ech mengen, mir setzen eis ëmmer derfir an.

Ech wollt och soen: An där Motioun hei gëtt d'Regierung opgefuerdert, der Europäescher Kommissioun kloer an däitlech matzedeelen, dass Lëtzebuerg fuerdert, den Accord mat Kanada als Accord mixte ze deklaréieren. Ma ech mengen, de Premierminister huet eis virdrun erkläert, dass en dat gemaach huet. Den Ausseminister och, dee selwer och mat Kolleege Bréiwer geschriwwen huet, huet dat an deene leschte Jore souwuel am Dossier TTIP wéi am Dossier CETA ganz kloer gemaach. A souwuel den Ausseminister an de Premierminister hunn dee Message, deen hei de 7. Juni an der Chamber gestëmmt ginn ass, ganz gutt héieren.

De Problem ass deen drëtten Punkt. Wann ech déi Diskussioun haut iwwert de Brexit héieren hunn, hunn ech kloer héieren - déi meescht Fraktiounen: Ech hunn dat aus der CSV-Fraktioun eraushéieren, bei der DP, bei deene Gréngen, ech hunn et gesot -, dass mer elo net erëm sollen zéng Joer mat Traitéen verléieren a mat Regeln änneren, dass mer sollen Europa no vir bréngen. An et ass kee Wëllen do, elo hei grouss eng Diskussioun iwwer nei Traitéen ze hunn.

Dat hunn ech zumindest emol erausgehéiert. An dat gëtt hei an deem leschten Tret vun der ADR gefrot, den Traité iwwert d'Europäesch Unioun ze änneren. Mir kënnen domadder net d'accord sinn. Dofir géif ech soen, mir sollen déi Motioun hei zum Vott stellen. A meng Fraktioun, ons Fraktioun wäert géint déi Motioun hei stëmmen.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Mosar.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Ech ka mech eigentlech a grouss Linnen dem Virriedner, dem Marc Angel, uschlëssen. Dës Motioun gesäit effektiv zwee grouss Volete vir.

Deen éischten ass, datt mer nach eng Kéier sollen erklären, datt mer der Meinung sinn, datt den CETA en Accord mixte wär. Do gesinn ech wierklech net, wat d'Plus-value ass. Mir haten eng laang Diskussioun hei an der Chamber driwwer. Mir hunn eng Motioun gestëmmt, déi ganz, ganz kloer op deem dote Punkt ass. Soudatt ech elo net gesinn, wat d'Plus-value ass, wa mer dat elo nach eng Kéier an enger Motioun deklaréieren.

Wat dann deen zweete Volet betrëfft, fir op de Wee ze goen, den Traité op verschiddene Punkten ëmzeänneren, warnen ech dervir, d'Pandorabox vun den Traitéen opzemaachen. Dat wär äusserst geféierlech. An ech mengen, mir sollen elo emol mat Rou a roueger Hand kucken, wuer mer an Zukunft wëllen histeieren.

Duerfir gesi mir am Moment absolutement guer keng Urgence, den Traité op dësem wéi och op anere Punkten opzemaachen. Duerfir wäerte mir och dës Motioun net stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Mosar. Den Här Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jo, Merci, Här President. Ech wëll eigentlech elo net méi vill...

Oh, dee Mikro hei! Hei ass en technesch Defekt, dann huelen ech deen hei niewendrun.

► **Une voix.**- Neen, et geet.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Ech wëll eigentlech elo näischt speziell méi, Här President, zum Inhalt soen. Ech ka mech nëmme deem uschlëssen, wat meng zwee Virriedner gesot hunn. Ech wëll virun allem d'Prozedur nach eng Kéier kucken. De 7. Juni hate mer hei eng intensiv Debatt, wou mer all d'Argumenter ausgetosch hunn.

Mir haten deemools och an der grousser Majoritéit hei an der Chamber eng Motioun gestëmmt, wou mer gesot hunn, mir hätte gär en Accord mixte an datt d'Parlamenter musse matagebonne ginn. An ech kann nëmme feststellen, an de leschten Deeg, datt d'Regierung och där Motioun wierklech follegt an datt se dat also eigentlech kloer ëmsetzt, wat mer se opgefuerdert hunn. Da brauch een dat net nach eng Kéier ze maachen.

Déi Motioun hei ass an eisen Ae superfétatoire. Se ass net néideg, well dat schonn alles amgaangen ass, gemaach ze ginn. An duerfir géif ech och proposéieren, datt mer déi Motioun hei net stëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Berger. Den Här Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Mir hunn et hei effektiv mat enger Motioun ze di mat zwee Voleten.

Deen éischte Volet, do hu mer d'Gefill, wéi wann den Här Kartheiser eis wëilt mat op een Zuch huelen, dee scho laang fiert. Mir hunn déi zwou Saachen, déi hei gefrot ginn, hei votéiert. A mer hunn och gesinn, datt d'Regierung sech un dat hält, wat mer do vottéiert hunn.

An dee leschte Volet, dat ass een Zuch, wou mer net wëssen, wou mer sollen hige fouert ginn. A mer mengen, datt dat wierklech éischter onglécklech wier, fir dat hei am Kader vum Brexit an esou weider ze vottéieren. Duerfir wäerte mir déi Motioun hei och net matdroen.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Adam. Den Här Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo, Merci, Här President. Ech fannen et och e bësse gelungen, datt mer dat elo hei am Kader vun der Brexit-Debatt debattéieren. Ech mengen awer, datt... Mir hate bis elo als Lénk zwou Motiounen hei eraginn, wou zwee Tireten dovunner, dat sinn déi éischt, zréckbehale si ginn. Do hu mer e Konsens fonnt mat anere Parteien hei an der Chamber. Et ass e ganz grouss Konsens op deenen zwee éischten Tireten.

Um drëtten, wat d'Verännerung vum Traité ugeet, ass, mengen ech, deen éischte Punkt, wou den Här Asselborn vum Här Kartheiser gesot kritt, also déi Formulierung, datt international Accorden nëmme nach opgrond vun engem Mandat an ënner permanentem Matwierke vun alle Memberstate vun der Europäescher Kommissioun am Numm vun der Unioun dierfe verhandelt ginn. Dat ass am Moment de Fall! D'Europäesch Kommissioun hat e Mandat, fir ze verhandelen. Leider hat se dat Mandat, muss ee soen! Mä dat ännert um Wesentlechen näischt.

Dann dee leschte Punkt, dat ass awer wierklech eppes Neies an eppes, wat an déi Richtung geet, wat mir awer eigentlech ënnerstëtzen, näämlech ze soen: Esou international Handelsaccorde vun där doter Envergure, déi kënnen net provisoersch a Kraaft trieden, well se wesentlech Dealer vun alle Länner betreffen. An duerfir solle se och, mengen ech, vun den nationale Parlamenter alleguer ratifizéiert ginn an och eréischt da kënnen a Kraaft trieden.

Dëst gesot, vun deene fënnf Punkte sinn der véier, déi effektiv superfétatoire sinn, mä dee fënnefte Punkt, dat ass en neit Element, wat mir ënnerstëtzen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Ech mengen, mir sinn dann och um Enn vun der Diskussioun iwwert d'Motioun ukomm. A mer kënnen dann direkt iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An de Vott ass ofgeschloss.

Mir hu 5 Jo-Stëmmen a 55 Nee-Stëmmen. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

A mer géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6959, e Gesetz, dat en neie Sëtz fir d'Biobank am Gesondheetslabbo zu Diddeleng virgesäit. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

7. 6959 - Projet de loi modifiant la loi du 18 décembre 2009 relative à la construction de la deuxième phase du Laboratoire national de santé à Dudelange

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, mat dësem Projet de loi modifizéiere mer d'Gesetz vum 18. Dezember 2009, wat de Bau vun der zweeter Phas vum Laboratoire national de santé zu Diddeleng erlaabt huet.

Deemools war virgesinn, datt véier nei Servicer am zweete Gebai vum LNS sollten ënnerbruecht ginn: éischstens, den Institut vun der Médecine légale, der Opferambulanz - also Aferambulanz, op Lëtzebuergesch gesot -; zweetens, de Laboratoire vun der Veterinärmedizin; drëtzens, de Service vun der Pathologie moléculaire; a véiertens, de Laboratoire vun der Radiophysik vun der Santésdirektioun mat der Divisioun vun der Radioprotektioun.

Et ass ganz genee dës Divisioun, Dir Dammen an Dir Hären, déi aktiv muss ginn, wann et zu enger Atomkatastroph zu Cattenom kënnt. Si ass ënner anerem zoustänneg, fir d'Radioaktivitéit ze moossen, de radioaktiven Offall ze gëréieren an d'Bevëlkerung viru radioaktiver Bestralung ze schützen, wann dat iwwerhaapt nach méiglech ass.

An deem Sënn spillt déi Divisioun eng wichteg Roll am sougenannte Plan d'intervention d'urgence en cas d'accident nucléaire, de PIU Cattenom, deen am Oktober 2014 offiziell ginn ass als iwwerschafft Versioun vum éischte Plang.

Et ass ganz genee dës Divisioun, déi vun dësem Projet de loi beträff ass, well et sech am Nachein erausgestallt huet, datt de Site vun Diddeleng sech net derfir eegent. Wéi Der wësst,

ass am Interventionsplang näämlech en Evakuationsradius vu 15 Kilometer ronderëm Cattenom definéiert ginn. Dat heescht, datt grad Diddeleng sech an deem Radius befënnt, an datt d'Divisioun vun der Radioprotektioun am Fall vun enger Atomkatastroph misst evakuéiert ginn. Domat wier se net méi funktionsfäeg.

Och hei muss ee sech froen, wat an eise Land iwwerhaapt nach funktionsfäeg wier, wann zu Cattenom en Accident geschitt.

► **Une voix.**- Ganz genau.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Jiddefalls muss de Site vun Diddeleng aus deem genannte Grond fale gelooss ginn, mam Resultat, datt d'Radioprotektioun hire Sëtz virleefeg an der Villa Louvigny soll behalen, bis datt e bessere Site kann ausgewise ginn.

Dëst féiert natierlech derzou, datt déi betraffe Lokaler vun Diddeleng anescht affektéiert kënne ginn an de Servicer vun der IBBL, der Integrated BioBank of Luxembourg, kënnen zeguttkommen. Dëst wëssenschaftlecht Institut ass ganz aktiv an der medezinnescher a biologescher Fuerschung a beschäftegt méttlerweil schonn 42 Leit.

Leider feelt et der IBBL schonn zanter hirer Kreatioun am Joer 2010 u gëeegente Raimlechkeeten. D'Containergebai nieft dem CHL, wou d'IBBL ënnerbruecht ass, gëtt den Uspréich vun enger moderner Fuerschung jiddefalls iwwerhaapt net méi gerecht. Woubäi ee muss wëssen, datt schonn am Joer 2013 iwwer 300.000 biologesch Échantillonen an der Biobank stockéiert waren.

Derbäi kënnt, dat war elo kierzlech an der Press och ze liesen, datt d'Biobank amgaangen ass, Synergie mam Ausland opzebauen a Plaz brauch, fir sech weiderzëntwéckelen. An deem Sënn ass d'Plaz, déi am zweete Gebai vum LNS fräi gëtt, ideal, fir déi aktuell an zukünfteg Besoine vun der IBBL ofzedecken.

Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, kuerz gesot geet et also an dësem Gesetzesprojet ëm d'Reaffektatioun vun de Lokaler, déi fir d'Divisioun vun der Radioprotektioun geduecht waren an elo der IBBL sollen zeguttkommen. Déi betraffe Fläch, ëm déi et geet, läit bei 965 m² fir d'Büroen an d'Laboratoire-Aktivitéiten, plus 380 m² fir de Stockage vu Material, Datebanken, Échantillonen an esou weider. Dat ginn am Ganzen 1.300 m². An dat sinn iwwer 700 m² méi wéi dat, wat d'Biobank hautdesdaags zur Verfügung huet.

De Käschtepunkt vum Gebai geet mat dëser Reaffektatioun ëm bal 6,5 Milliounen an d'Luucht a beleeft sech schlussendlech op 51,6 Milliounen Euro, amplaz vun den initiale 45,125 Milliounen, déi mam Gesetz vum 2009 accordéiert gi waren. Well d'Infrastruktur momentan just aus engem Réibau besteet an eréischt am Joer 2017 soll fäerdeg ginn, bleift genuch Zäit, fir déi néideg Adaptatiounen virzehuelen am Banneberäich an d'Raimlechkeeten un d'Besoinen vun der IBBL unzepassen.

Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, ech kommen nach kuerz zu den Aarbechte vun der Nohaltegkeetskommissioun. Nodeems de Minister François Bausch dëse Projet de loi den 22. Februar 2016 déposéiert hat, huet d'Nohaltegkeetskommissioun sech den 12. Mee 2016 zesumme mat der Santéskommissioun mam Projet de loi befaasst.

An där Sëtzung sinn eng Rei Froen opgeworf ginn, notament a puncto Aménagement vum Bausseberäich vum Labbo, wat an indirekter Relatioun mam Gesetz steet. Dee Bausseberäich gëtt momentan en zimlech desolat Bild of. En ass op alle Fall alles anescht wéi gréng.

Dernieft sinn och d'Verkéiersproblemer am Raum Diddeleng-Beetebuerg ervirgehuewe ginn. Hei ware mir eis alleguer eens, datt den Ausbau vum Labbo mat véier neie Servicer weideren Trafic an där scho ganz belaaschter Regioun wäert generéieren an datt d'Verkéierskonzept, wat vu Ponts'et'Chaussées zesumme mat deenen zwou Gemengen ausgeschafft ginn ass, an dësem Kontext eng ganz wichteg Roll wäert spillen.

Här President, well de Statsrot a sengem Avis vum 19. Abrëll 2016 keng Awänn géint dëse Projet de loi erhuewen huet, war d'Aarbecht séier ofgeschloss. Den 9. Juni 2016 huet d'Kommissioun mäi Rapport eestëmmeg ugeholl.

E Merci géllt ofschléissend den Dammen Anne Negretti a Carole Schmit vun der Administration des bâtiments publics, dem Här Xavier Poos vun der Santésdirektioun, an dem Här Christian Ginter vum MDDI, déi eis an eiser Kommissioun Ried an Antwert stoungen.



Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der grén-ger Fraktioun a wënschen der IBBL an allen anere Servicer eng glécklech Zukunft zu Diddeleng. Merci villmools!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet elo d'Madamm Sylvie Andrich-Duval.

Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, der Rapportrice fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport e grouse Merci.

Dofir just e puer Kommentaren am Numm vun der CSV. Zur Virgeschicht: De 6. Juli 2015 huet den Nohaltegkeetsminister der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire, der Comexbu, matgedeelt, dass déi zweet Bauphas vum nationale Gesondheetslaboratoire, dem LNS, muss ofgeännert ginn an dass de Radiophysiklaboratoire vun der Divisioun vun der Radioprotektioun net méi, wéi am Gesetz vum 18. Dezember 2009 virgesinn, op Diddeleng ka kommen. De Grond vun dëser Ännerung, hu mer elo just héieren, läit bei deem neien Noutfallplang vum 15. Oktober 2014 am Fall vun engem Accident an der Atomzentral zu Cattenom.

Do mussen déi zéng Gemengen, déi an engem Ëmkrees bis zu 15 km ronderëm Cattenom leien, evakuéiert ginn, also och d'Stad Diddeleng, an zwar an Opangstrukturen an d'Éislek.

D'Sécherheet an d'Ofschalte vun allen Atomreaktere ronderëm eist Land waren elo ëfter en Thema an der Chamber, deem mäi Fraktiounskolleg Marco Schank besonnesch verbonnen ass. An de Bierger dobaussé läit dëst Thema och um Mo. En attendant hoffe mer all, dass deem Noutfall ni wäert anrieden.

Als Ersatz fir de Laboratoire de radiophysique huet d'Regierung jo virgeschloen, d'Integrated BioBank of Luxembourg IBBL an d'Gebäilechkeete vum LNS ze setzen. An der Comexbu gouf doropshin d'Fro opgeworf, ob fir dës Ännerung vum Bauprogramm vum LNS dann net dat besteënd Gesetz misst ofgeännert ginn, wat sech dann och den 20. Juli bestätegt huet.

An dësem Sënn hat ech och eng Question parlementaire N°1456 un den Här Minister gericht. Ech stellen awer fest, dass d'Regierung bis den 22. Februar gebraucht huet, fir de Projet de loi ze déposieren.

Här President, d'CSV begreist ausdrécklech d'Synergien, déi elo tëschent der IBBL an dem LNS kënne stattfannen um Niveau vun der Recherche, der Logistik a virun allem der Qualitéit, well besonnesch den LNS huet dat déck néideg. Wat näamlech de Fonctionnement an d'Konzept vun deem ugeet, esou ass deem alles anescht wéi an dréchenen Dicher. Fait ass, dass de Modell vum Konzept net méi deem entsprecht, wéi en initial gestëmmt gouf; d'CSV huet an der Kommissioun dorop higewisen.

Ech verweisen och op e Rapport vun 2015 vun der Cour des Comptes iwwert d'Finanzgestioun an de Joren 2013 an 2014 vum LNS. Do geet rieds vum Feele vun enger mëttel- a laangfristeger globaler Visioun a vun diverse finanziellen Irreguläritäten. Grouss Problemer gouf et och scho bei den Analysen an der Anapathologie, wou potenziell Kriibspatienten immens laang op hir Resultater hu misse waarden. An et gëtt Schwierigkeeten, fir den Direktiounsposten ze besetzen.

Et läit kee Plan stratégique vum LNS vir, ob-schonn d'Madamm Minister an der Santéskommissioun ugekënnegt hat, dee géif bis den 30. Abrëll fäerdeg ginn. An eis geplannte Visitt vum LNS zu Diddeleng ass och elo an den Hierscht verluecht ginn.

Här President, d'Fro vum definitive Standuert vun dem Radiophysiklabbo war opgeworf gi vu mengem Fraktiounskolleg Aly Kaes. Vu deem Labbo seng Schlësselroll am Fall vun engem nuklearen Accident, muss en op enger sécherer Plaz ënnerdaach kommen. Laut Exposé des motifs vum Gesetz vum 18. Dezember 2009 wier deem aktuelle Site och net optimal. - Wéi gesäit d'Regierung d'Fro vun deem Standuert?

Zum Bau selwer ass net vill ze soen, ausser de Konsequenzen, déi e mat sech wäert bréngen um Niveau vum Verkéier. An der Kommissiounssëtzung, sou vun der Rapportrice akteiert, hat d'CSV op d'Problematik vum Verkéier ronderëm dem Site LNS opmierksam gemaach, deem duerch déi zousätzlech 42 Mat-aarbechter vun der IBBL nach verstärkt wäert ginn.

Au vu vun der massiver wirtschaftlecher Entwécklung am Raum Beetebuerg-Diddeleng, der Ouverture vum LNS 2013 mat iwwer 200 Leit Personal, dem Logistikzenter um fréiere Site vun der WSA, dem CFL Multimodal, deem 2017 soll lassfueren, a weidere kommerziellen Aktivitéiten ass et a wäert et zu engem massiven Zouhuele vum Trafic kommen. Déi Sitte sinn awer nach ëmmer net un den öffentlichen Transport ugebonnen, d'Mobilité douce abegraff, wat awer eng absolutt Prioritéit muss sinn.

De risegen Tëntefëschrondpoint bei der Autobunn Sortie Dudelage-Burange, fir dat Ganz opzefänken, soll och eréischt 2020 fäerdeg sinn. An et ass och keng Brëtell fir de Camions-traffic vum CFL Multimodal, deem nees op d'Autobunn wëllt eropfueren, virgesinn. An dat hat ech och scho bei de Chambersdebatten zur zweeter Phas vum CFL Multimodal kritiséiert.

Als Rappel: De fréieren Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler hat schonn de 7. Mee 2012 zesumme mat de Gemenge Beetebuerg an Diddeleng d'Ponts et Chaussées mat enger regionaler Verkéiersetüd beoptragt. Déi läit zënter Enn 2015 vir. Hei mussen elo Neel mat Käpp gemaach ginn, an dat esou séier wéi méiglech, am Sënn vun der Liewensqualitéit vun den Awunner.

Här President, ze hoffe bleift, dass d'IBBL hiren Betrieb wéi geplanzt kann ophuelen. An dëst gesot, ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - An d'Wuert huet elo den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci un d'Rapportrice fir hiren gudden mënschlechen, pardon: mëndlechen - mënschlechen och - a schrëftleche Rapport. Deem ass u sech net méi vill bäizefügen.

Erlaabt mer awer am Numm vun der LSAP-Fraktioun e puer kuerz Remarques zu dësem Projet: Lëtzebuerg brauch e modernen a gudden funktionnéierende Statslaboratoire, deem an deene verschidde Beräicher mat den Ufuerderungen, déi mer eis selwer stellen an déi mer awer och op EU-Niveau als Standard vorausgesat kréien, ka mathalen.

Dës Erkenntnis hate mer scho virun enger ganzer Partie vu Joren. Zanterhier evolueiert de Statslabbo Schrëtt fir Schrëtt. An et sinn och schonn en cours de route eenzel Décisiounen ofgeännert ginn. D'Prinzipie bleiwen awer déiselwecht.

Zu Diddeleng soll probéiert ginn, op engem eenzege Site Synergien tëschent verschiddeenen Aufgabeberäicher ze schafen. Scho wéi mer déi éischt Phas vum Bau 2003 hei an der Chamber gestëmmt hunn, ware mer eis eens, dass de Site an de Gebäier misst genuch Raum loosse, fir kënnen deene spéideren Nutzungsméiglechkeeten ugepasst ze ginn. Wéi mer dann 2009 gréng Luucht ginn hu fir déi zweet Phas vum Bau, war entre-temps d'Iddi, fir de Waasserlaboratoire op dësem Site unzesidelen, erëm fale gelooss ginn.

Haut mussen mer dann nach eemol eng Adaptatioun maachen, well de radiophysesche Laboratoire net, wéi ursprénglech geplanzt, dohinne komme kann. Elo kann ee soen, et hätt ee schonn éischter kënnen dropkommen, dass Cattenom relativ no bei Diddeleng läit, mä am Resultat ass déi Ännerung am Gesetz vum 2009, iwwert déi mer haut ofstëmmen, awer positiv. An et ass jo dorëms, wou et geet.

Et ergëtt sech dann haut ganz gudd, dass d'Biobank, déi 2010 geschafé gouf, eng nei Plaz brauch, wou se hir Aktivitéiten kann dévelopen. Dat passt dann och ganz gudd bei déi aner Aktivitéiten op dësem Site an ass also och net nëmme eng Kompromëssléisung.

Wann een da bedenkt, dass 2012 den interne Fonctionnement vum Statslaboratoire mat engem neie Gesetz eng nei Basis krut, da kann een dovun ausgoen, dass mer esou lues a lues un d'Enn vun der grousser Ëmstrukturéierung kommen.

D'LSAP begreist, dass mer domat endlech déi modern Infrastruktur kréie fir de Statslaboratoire, déi mer schonn zënter Jore fuerderen. An ech ginn deemno och d'Zoustëmmung vun der LSAP. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci dem Här Engel. An d'Wuert huet elo den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den LNS ass ouni Zweifel eng ganz wichteg Institutioun hei zu Lëtzebuerg. En ass och gudd fir eis Renommee. Duerfir ass et och ganz interessant, dass mer dru schaffen, fir weiderhin e wichtegen an im-

portante Laboratoire ze hunn, deem och virun allem op internationalem Niveau Partner fanne kann.

Zënter 1960 hu mir jo de Laboratoire hei zu Lëtzebuerg. Den éischte Site um Verluerekascht, deem huet sech am Laf vun de Jore schonn als vill ze vill kleng erausgestallt. Duerfir si jo och relativ fréizäiteg Iwwerleeunge gemaach ginn, fir eben en neie Site ze sichen.

Ech erënnere hei zum Beispill un eng Äntwert op eng Question parlementaire vum 27. Juli 1990 un den deemolege Gesondheitsminister Johnny Lahure, deem du geschriwwen huet: «Il est un fait que les conditions de travail sont actuellement très difficiles au laboratoire. La raison essentielle en est l'exiguité des locaux, conçus à l'époque pour un personnel moins important et moins sophistiqué (veuillez lire: pour un personnel moins important et pour des appareillages moins nombreux et moins sophistiqués). Pour faire face à cette situation, le Gouvernement a décidé la construction d'un nouveau bâtiment. Le projet de loi afférent sera déposé à la Chambre à la rentrée.»

Dat war 1990. Wéi mer alleguer entre-temps wëssen heibannen, huet et allerdéngs gedauert bis de 17. Dezember 2003, bis dann eppes Konkretes geschitt ass.

Entre-temps waren natierlech och eng Rei aner Sitten an d'Visiier geholl ginn: d'Kockelscheier, d'Stäreplaz, de Kierchbierg an du finalement de Site Diddeleng. Ech mengen, wann een de Site haut zu Diddeleng analyséiert, da fënnt ee ganz séier eraus, dass dat net onbedéngt den optimale Site ass, mä awer trotzdem e gudden Site ass.

En huet eng Rei vun Avantagen: 4,5 ha Terrain, e funktionnelt Gebai, no beim Zuch a bei der Autobunn, a virun allem wäerten och elo déi Aarbechten, déi rezent ugefaangen hunn um Échangeur Biereng, derzou bäidroen, dass d'Verkéiersproblematik zumindest am direkten Ëmfeld do misst verbessert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat natierlech e bësse kokass a speziell ass un dësem Projet de loi, dat ass, dass ebe just Cattenom d'Ursach ass, firwat dass mer haut mussen léigiféieren. Et ass schlëmm, dass u sech dat Monster - et kann ee roueg vun engem Monster schwätzen - eis derzou féiert, dass mer verschidde Ännerungen mussen virhuelen.

Et sief ganz kloer nach eng Kéier hei ënnerstrach, dass Cattenom jo ëmmer méi och op eng grouss Oppositioun hei am Land stéisst. Mir haten net méi spéit wéi déi viregt Woch nach en Débat hei, wou dat ganz kloer zum Ausdruck komm ass. Et ass evident am Fall vun engem Accident bei Cattenom, dass da grad de Laboratoire de radiophysique eng wesentlech Roll ze spillen huet.

Datt deem elo ebe muss transferéiert ginn an e Rayon vu 15 km, ass eng Evidenz, woubäi een allerdéngs d'Fro muss stellen, ob 15 km iwwerhaupt duerginn, an ob mer net emol eng Kéier müssen driwwer nodenken, och eng Antenn vläicht souguer nach vill méi nördlech ze installéieren. Well ech fäerten, mat 15 km leie mer och net onbedéngt glécklech, wann et wierklech eng Kéier zu engem Super-GAU sollt kommen.

Trotzdem, wéi et esou oft am Liewen ass: All Schlechtes huet och eppes Guddes u sech. Dat erlaabt eis, wéi gesot, dann awer och d'Biobank ze transferéieren op Diddeleng, déi jo de Moment beim CHL ass an do net ënnert deene beschte Konditiounen. Si ass en interessant Standbeen an huet jo schonn 2008 hei ugefaangen, an zwar am Kader vun der Regierung hirem Health Sciences and Technologies Action Plan, an do si jo interessant Programmer, déi do gemaach ginn, ënner anerem iwwer Kriibs, Diabetes a Parkinson.

Ech hu virdu schonn op déi wichteg internationale Verbindungen vun der Biobank higewisen. Déi huet se entre-temps och fäerdegbruecht. Ënner anerem schafft se zënter 2014 mam U.S. National Cancer Institute oder mat der DNA Genotek aus Kanada zesummen.

Ech wëll och hei drop hiweisen, dass eis Biobank eng vun deene weinigen ass, déi op Basis vum ISO 17025:2005 zertifizéiert ass. An da krut d'IBBL och nach 2015 de Qualitéitspräis vun de klengen Betriber hei zu Lëtzebuerg a gouf och an de CANCER-ID Consortium opgeholl. Ech mengen, alles dat beleet jo awer, dass d'IBBL entre-temps eng héich Renommee erreicht huet.

Et ginn entre-temps och iwwer 300.000 Prouwen do stockéiert. Wat interessant ass: Et schafft Leit do vun 13 verschiddeenen Nationalitéiten, allerdéngs nëmme dräi Lëtzeburgerer.

Ech wollt awer zum Projet u sech och nach e puer Froe stelle respektiv e puer Remarqué maachen.

Fir d'Éischt - d'Virriednerin vun der CSV ass och schonn drop agaangen -, wat de Verkéier ube-

laangt: Et ass eng Situatioun, déi engem net onbekannt ass. Ech mengen natierlech elo net, well 42 Leit do bäikommen, dass dat u sech géif en zousätzleche grouse Verkéierskollaps do bewierken. Mä sécher ass, dass de Site natierlech riets a léns vum Verkéier erdréckt gëtt an dass et awer gudd ass, wéi gesot, dass den Échangeur elo do awer réaménagéiert gëtt, soudatt den Accès awer gudd ka garantéiert ginn.

Dann hate mer an deene leschte Woche jo eng gewëssen Opreegung an deem Raum do, wat d'Nationale 31 ubelaangt, wou et geheescht huet, et géifen eng Rei Beem do verschwan- nen. Vlächcht meng Fro un de Minister, ob déi Aussoen, déi do gemaach gi sinn, der Realitéit entspriechen, well ënner anerem jo och gesot ginn ass, dass virun dem LNS e puer Beem sollen ewechkommen.

A wann ech scho bei de Beem sinn, dann ass een och séier bei der Verdure. De Moment presentéiert sech dat Gebai jo net onbedéngt an engem flotten Ambiente. Ech weess, dass dat soll mat der Gemeng Diddeleng zesumme gescheien. Mä et wier gudd, wann och do awer méi Gréngs ronderëm d'Gebai géif aménagéiert ginn.

Da vlächcht nach eng lescht Fro. Do geet et ëm d'Behandlung vun den Ofwässer, well dat jo awer ganz spezifesch Ofwässer sinn, déi do entstinn. Déi mussen jo awer thermesch a chemesch traitéiert ginn, ier se iwwert den öffentliche Kanal an d'Kläranlag zu Beetebuerg kommen. Duerfir meng Fro, ob duerch deem Transfer do net gegebenenfalls nach kënnen zousätzlech Problemer entstoen.

An deem Sënn steet trotzdem awer, wéi gesot, d'Demokratesch Partei hannert dësem Projet, fënnt et e ganz interessante Projet, an ech soen der Madamm Lorsché dann och nach e grouse Merci fir hiren exzellente Rapport.

Merçi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - An d'Wuert huet elo den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och d'ADR wäert dësem Projet zoustëmmen.

Et ass am Fong e Projet, bei deem mer elo grouss Diskussiounen kënne féieren iwwert de Statslabbo, mer kënnen der och iwwert de Verkéier féieren, mä mir hunn déi Diskussiounen jo alleguer am Fong gefouert, wéi mer de Projet vum Statslabbo heibanne gestëmmt hunn. An ech mengen, d'Problematik vum Verkéier hu mer och schonn e puermol heibannen ugefouert, zweemol eleng schonn am Kader vun zwee Gesetzter, déi mer gestëmmt hunn am Zesummenhang mam Terminal, deem tëschent Beetebuerg an Diddeleng realiséiert gëtt.

Ëm wat geet et hei ganz genau?

Am Fong, wann Der d'Gesetz iwwert de Statslabbo huet, da muss een der Regierung eng Kéier e Virwurf maachen, dass se am Fong vill ze prezis an deem Gesetz definéiert, wat an de Statslabbo kënn. An dat ass hir natierlech dann zum Verhängnis ginn an et huet missen ëmgeännert ginn, well eppes huet missen erauskommen an op där anerer Säit elo d'Biobank géif erakommen.

An d'Fro, déi sech am Fong gestallt huet, war: Mussen mer duerfir extra e Gesetz maachen? An duerfir ass de Minister jo och an d'Comexbu komm, wou en d'Comexbu gefrot huet a wou d'Comexbu am Fong gesot huet: „Mir sinn dermat d'accord, dass de Projet soll weidergefouert ginn, dass en, och wa mer müssen e Gesetz maachen, awer net soll retardéiert ginn, wat d'Aarbecht ubelaangt.“ D'Comexbu huet dann hei am Haus en Avis juridique gefrot, ob dat misst en neit Gesetz ginn oder net. An eise Service juridique huet gesot, dass misst schonn en neit Gesetz ginn.

Duerfir hu mer dann eben elo haut dat Gesetz hei, esou wéi dat vun der Comexbu verlaangt ginn ass a vum Minister versprach ginn ass, wou mer dann eben déi Ännerung maachen, dass d'Radioprotektioun erauskënnt an dass d'Biobank erakënnt.

Dat ass den Objet vun dësem Projet de loi, deem, wéi gesot, eis Zoustëmmung fënnt.

Et ass natierlech fir eis e bësse gelungen, wa mer soen, dass mer d'Radioprotektioun do müssen eraushuelen, well mer eben déi Konventioun hunn, dass mer 15 km am Ëmkrees vu Cattenom dat net dierfen installéieren. Elo kënn et dann oder et bleift elo hei an der Stad.

Ech mengen, mir sinn eis alleguer heibanne bewosst, dass mer eis müssen un déi Regel do halen. Mä wann et wierklech eng Kéier zu Cattenom géif klaken, wat jo kee vun eis heibannen hofft, dann hätte mer net nëmme e Pro-



blem zu Diddeleng, mä dann hätte mer iwwerall hei am Land e Problem. Ech géif souguer soen: Da besteet eist Land net méi. An da géif et och keng Roll méi spillen, ob d’Radioprotektioun hei an der Stad ass an net zu Diddeleng, well déi géife sech genausou séier duerch d’Bascht maachen, wéi ee vun Diddeleng oder vun Hesper oder vu Fréiseng. Ech soen ëmmer: „Deen Eischten, deen et gewuer gëtt, wann eppes zu Cattenom geschitt, dat ass deen Eischten, dee fortleeft, an déi aner lafen alleguer hannendrun.“

An ech mengen, loosse mer nëmmen hoffen, datt dat eng Kéier zougemaach gëtt an datt bis dohinner näischt geschitt, well mir hunn dat schonn heibanne gesot, an ech mengen, mir sinn eis eens: Wann eng Kéier do eppes geschitt, dann ass dat heiten dat klengst lwwel, well da gëtt et einfach Lëtzebuerg duerno net méi an da stelle sech vill méi grouss Froe wéi déi heiten. Mä, wéi gesot, loosse mer hoffen, datt dat net geschitt!

Dat Eenzezt, wat geännert huet, mengen ech, no der Diskussioun, déi mer an der Comexbu haben - deen Abléck ass de Minister nach vun enger käschtenneutraler Situatioun ausgaangen -, et gëtt elo 6,5 Milliounen méi deier. Mä wann déi Ännerung dat mat sech bréngt, da bréngt se dat nun ebe mat sech. An och dat hätt souwisou missen eng Gesetzesännerung bréngen, well an deem anere Projet jo och de genaue Präis stoung, an dann hätt och souwisou missen eng Rallonge do an d’Gesetz kommen.

Iwwert de Verkéier schwätzen ech net. Mir hu genuch doriwwer geschwat. An ech mengen, mir wëssen alleguer, datt an deem Eck mer de Chaos am Abléck hunn. An och, wann elo déi eng oder déi aner Moossname getraff ginn, déi gutt sinn, wësse mer awer, datt de Verkéier deementspriedend an deem Eck an deenen nächste Jore wäert zouhuelen, datt mer och, trotz alle Moossnamen, iwwert déi nächst Jor-zéngten do am Chaos vum Verkéier hänke wäerte bliewen.

Dat gesot, nach eng Kéier d’Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet d’Wuert den Här Nohaltegkeetsminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Merci der Madamm Rapportrice fir hire gudder Rapport, an och alle Riedner fir hir Bäitrag respektiv der Chamber fir déi unanime Zoustëmmung. Dat erlaabt mer, just vläicht zu e puer Saachen eng Remarque ze maache respektiv op déi zwou, dräi Froen, déi gestallt gi sinn, ze äntwerten.

Fir d’Éischt wollt ech emol der Madamm Andrich soen, datt ech dat awer relativ speziell fonnt hunn, datt se hei quasi uprangert, datt de Minister ëmmerhin dräi Méint gebraucht hätt, fir e Gesetzesprojet hei ze déposéieren, nodeem en dann am Dezember an der Comexbu gesot kritt hätt, datt e Gesetz misst gemaach ginn.

Bon, éischstens emol wëll ech soen, mir maache jo déi Gesetzer hei - dat si jo Finanzéierungsgesetzer - op APD-Niveau. A wann ech gesot kréien am Dezember vun der Chamber - duerfir war ech bei d’Chamber komm, fir ze froen, ob ech iwwerhaupt emol misst e Gesetz maachen -, datt ech e Gesetz muss maachen, dann ass et awer vläicht ubruucht, datt dat Gesetz, deen APD uerdentlech gemaach gëtt.

A wéi den Här Gibéryen dat och ënnerstrach huet, war et gutt, datt mer dat esou gemaach hunn, well et huet sech erausgestallt, datt de Projet sechs Milliounen méi deier gëtt, wéi ursprénglech virgesi war. An dat rëselt een net - vu datt genau Analyse muss gemaach ginn iwwer komplex a komplizéiert Programmer; et geet hei ëm eng Biobank, et ass net iergendepes, wat mer do installéieren - esou einfach an engem Dag op den Dësch an et déposéiert een et hei.

Bon, ech loosse awer jiddwerengem zur Ap-préciatioun, ob en do dräi Méint laang fënn et net laang fënn. Ech fannen, datt meng Verwaltung do extrem schnell geschafft huet.

Dat Zweet, wat ech wollt soen, dat ass, datt ech awer wierklech iwwerrascht sinn iwwert der Madamm Andrich hir zweet Remarque, wa se hei eropkënnst a schwätzt vum Verkéiersproblem, an da bal mécht, wéi wann elo de Fait, datt mer d’Radioprotektioun ersat hätten duerch d’Biobank, zum absolutten, definitive Super-GAU a Chaos géif féieren.

Den Här Gibéryen huet zu Recht drop higewisen: Et geet hei ëm 43 Leit. Dat heescht, ëm à peu près den Equivalent, wat souwisou virdru virgesi war. Also, sorry, et kann een elo net be-

haapten, datt duerch de Fait, datt dee Switch do gemaach ginn ass, datt dat iergendeppes ännert un der Situatioun um Verkéier!

Datt de Verkéier net gutt do ass an deem Eck, dat ass richtig. Mä ech wëll lech awer do soen: Ech sinn elo ganz genau zwee Joer an néng Méint do, ech hu scho relativ vill gemaach, ech wäert och nach relativ vill maachen. An déi Etüd, effektiv, déi mäi Virgänger lancéiert huet, déi ech weidergefouert hunn, déi mer och elo an Tëschenzäit de Gemenge virgestallt hunn, déi huet e Programm virgesi vu bal 600 Milliounen zousätzlechen Investissementer fir d’Verkéiersproblematik do am Eck. Mä Roum gouf och net an engem Dag gebaut. An nach muss mer dat alles bauen a realiséieren a finanzéieren.

A fir déi Problemer, déi haut do bestinn, kënnst Der op alle Fall net dës Regierung responsabel maachen! Dat ass awer emol ganz sécher. Mir probéieren, eist Beschte ze maachen, fir all déi Problemer esou séier wéi méiglech geléist ze kréien. An ech ginn och dovun aus, datt Der dat jo eigentlech och wësst, well Dir waart jo op deene Versammlungen do, wéi ech bei de Bierger war, wou d’Säll gutt geféllt waren, wou ech dee ganze Programm virgestallt hunn.

An och zu deenen Opfaarte wëll ech lech soen: Eng Opfaart gëtt et. Déi zweet - dat wësst Der eigentlech och, well Der jo an där Versammlung waart, sou ass dat am Detail erkläert gi vun der Stroossebauverwaltung -, déi zweet ass aus Stroossesécherheets- an technesche Grënn net machbar. Dat wëllt awer net heeschen, datt mer net weider Iwwerleeungen ustellen, fir ze kucken, ob mer net awer nach iergendwéi anescht dann eng zweet hikréien. Dat hunn ech och deemools gesot, a meng Verwaltung och. Mä déi, déi d’Leit all do gär hätten, déi geet einfach net, aus sécherheetstechnesche Grënn geet déi net.

An och do kann een net zauberen. Da kann een dat och nach honnertmol fuerderen, datt een déi awer gär hätt. Mä ech mengen, wa se net geet, da geet se net. An da muss mer ons eppes anescht afale loosse. An dat wäerte mer awer maachen, dat hunn ech och versprochen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Da wollt ech awer och dem Här Graas Merci soe fir déi Fro iwwert déi berühmte Beem un der N31,...

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- ...soudatt ech emol endlech och d’Chance kréien, eppes dozou ze soen.

► **Une voix**.- Sot eis, wien dann d’Häerzer ewechgeholl huet!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat soen ech lech och nach hannendrun. Oder ech soen lech op alle Fall, wien et net war, näamlech ech!

(Hilarité)

Also fir d’Éischt emol zu de Beem. Ech sinn erstaunt gewiescht iwwert déi Aktioun vun der Biergerinitiativ, déi elo gemaach ginn ass, well d’Biergerinitiativ war näamlech dräi Woche virdru bei mir am Ministère. An heiansdo freet ee sech, firwat een d’Leit empfängt! An do hunn ech der Biergerinitiativ gesot: „Jo, dat, wat Der do sot, dat ass net esou.“

Effektiv ass zwar an deem Verkéierskonzept, wat mer zu Diddeleng an zu Beetebuerg virgestallt hunn, och d’Erweiderung vun der N31 op där Plaz virgesinn. Mä dat ass e Projet, deen ass éischstens emol à long terme gewiescht. Et gëtt nach iwwerhaupt keng Detailler zu deem Projet. Et gëtt emol nach näischt um Pabeier, seriö Gesechentes. An ech hunn hinnen och gesot: „Vu mir aus gesinn ass och net elo déi grouss Demande do, fir direkt do ze verbreederen.“ Et gëtt e Problem lokal selwer, well do Diddeleng eng Aktivitéitszon huet. An d’Fro, déi sech stellt: Packt se de Verkéier op der N31 oder net, wa mer déi Strooss erweideren oder net? Mä et ass nach iwwerhaupt näischt décidéiert.

Duerfir sinn ech dann awer erstaunt, wann dann zwou Wochen duerno an der Effentlechkeet dat duergestallt gëtt, wéi wann d’Motorsee scho quasi hannert der Heck stéing, fir d’Beem ewechzemaachen, wat einfach net richtig ass. An zemoos, wann ee beim Minister war zwou Woche virdrun, fannen ech dat net grad korrekt, fir dat esou duerzestellen.

Ech hu perséinlech guer näischt géint déi Häerzer, déi hätte wéinst menger och nach kënne schéin do hänken. Ech hu se och net ewechgeholl. Ech weess och net, wie se ewechgeholl huet.

(Interruption)

Mä ech mengen awer, datt, éierlech gesot, mer dat Thema domadder ofgehaakt hunn. An déi puer Beem, déi elo ewechkommen, dat hunn

ech deemools och gesot der Biireng21, déi komme wéinst dem Échangeur ewech. Déi waren awer décidéiert. An do gëtt et Autorisatiounen vun der Administration de l’Environnement. Déi ware laang geneemegt. Dat sinn och keng 20 oder 25. Wivill ass gesot ginn? Ech mengen, et sinn der siwen oder aacht, déi mussen ewechgeholl ginn. Dat ass wéinst dem Échangeur. Mä et huet näischt mam Rescht vun der N31 ze dinn hannendrun.

An dann zu där anerer Fro nach vum Här Graas, wat do an d’Ofwässer géif kommen. Dat gëtt a Kanistère gesammelt an extra entsuergt. Also do brauch ee sech also keng Suergen ze maachen.

Fir de Rescht, Merci, Här President, fir déi breet Zoustëmmung.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Minister.

An ech mengen, dass mer dann direkt kënnen zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6959.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6959 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d’Procuratiounen. An d’Ofstëmmung ass elo eriwuer: 60-mol Jo, also Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d’Chamber d’accord, fir d’Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen zum nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6998 iwwert de Bau vun der éischter Phas vun der neier N3. An d’Wuert huet d’Rapportrice, d’Madamm Josée Lorsché.

8. 6998 - Projet de loi relatif à la réalisation de la phase 1 de la route Nouvelle N3 entre la Gare centrale et le Pôle d’échange Bonnevoie

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- Wéi kéint et anescht sinn?!

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet de loi 6998 handelt et sech ëm e Finanzéierungsgesetz, wat de Bau vun der éischter Phas vun der neier N3 soll erlaben. Dës Strooss spillt eng wichteg Roll beim Opbau vun engem kohärenten an nohaltege Verkéierskonzept an der Stad Lëtzebuerg a ronderëm an ass scho säit Joren am Gespréich.

Konkret geet et bei der éischter Phas vun där N3, och Module Nord genannt, ëm de Bau vun der Verbindung tëschent der Stater Gare an dem zukünftige Pôle d’échange vu Bouneweg. Dat ass dee Pôle d’échange, deen a Proximitéit vum Lycée technique vu Bouneweg wäert entstoan a wou spéitstens am Joer 2019 den Tram wäert fueren.

Zum geplangte Stroossenofschneitt gehéieren dowéinst net nëmme just déi classesch Spure fir den Auto an de Bus, mä och d’Assise fir den Tram an déi néideg Foussgänger- a Vëlosweeër, déi mëttlerweil néierens méi vergiess ginn.

D’Vëlosweeër entstinn zu engem groussen Deel en site propre a garantéieren domat déi

Sécherheet, déi wichteg ass, fir datt méi Leit iwwerhaupt emol de Courage hunn, op de Vëlo ze klammen, a fir d’Mobilité douce schlussendlech am Beruffsverkéier ze verankeren. Dat ass wichteg.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Wat gëtt mat dësem Gesetz finanzéiert? Finanzéiert gëtt net nëmmen de Bau vun der Strooss mat allem, wat dozou gehéiert a wat ech opgezielt hunn, finanzéiert gëtt och déi komplett Renovatioun vun der Bréck Jean-Pierre Büchler, déi d’Gare mam Quartier Bouneweg verbënnt. Grad wéi d’Strooss gëtt och d’Bréck mat der Assise vum Tram versinn. Dierneft kënnst op d’Bréck och e gemëschte Foussgänger- a Vëloswee.

Zougang zu der Bréck kréien d’Foussgänger an d’Vëlosfuerer iwwer eng zirkulär Ramp mat, an der Mëtt, engem Lift fir Persounen mat ageschränkter Mobilitéit.

E weidert Element, wat mat dësem Projet de loi finanzéiert gëtt, ass den Émbau vum Rond-point Gluck. Fir de Flux vum Trafic op där Plaz ze verbessern, gëtt de Rond-point zu enger Kräizung mat roud Luuchten ëmgebaut, wat eng besser Steuerung vum Trafic wäert erlaben.

Derbäi kënnst op darselwechter Plaz en ënnerierdesche Bypass, deen d’Rocade vu Bouneweg mat den Autobunnen a Richtung Frankräich an Däitschland verbënnt, an dierneft och d’Renaturéierung vun der Drosbaach.

D’Kreditter, déi fir all dës Aarbechten zur Verfügung gestallt ginn, leie bei insgesamt 106 Milliounen an 21.000 Euro. Vun deene Milliounen fléisse 75,8 Milliounen an de Bau vum Stroossontronçon tëschent der Bréck Jean-Pierre Büchler an dem Rangwee zu Bouneweg. 30,213 Milliounen si virgesi fir de Bau vum Bypass Gluck an zousätzlech nach 1,2 Milliounen fir den Déplacement vun de Réseauen, dee jo ëmmer dozou gehéiert.

Well d’Strooss op engem Terrain gebaut gëtt, dee momentan vun alen CFL-Halen an anere vétusté Gebailechkeete besat ass, stellt dëse Projet ekologesch gesi kee Problem duer. En erlaabt villméi, datt d’Route de Thionville an enger spéiderer Etapp kann ëmgebaut gi respektiv zrëckgebaut, wat den Awunner vum Quartier wäert zeguttkommen.

Och wat d’Emprise ugeet, stellt sech bei dësem Projet kee Problem. Den Terrain, dee gebraucht gëtt, ass zum gréissten Deel am Besëtz vum Stat, am Besëtz vun den CFL oder am Besëtz vun der Stad Lëtzebuerg. Just 32 Ar vun insgesamt 4,13 Hektar sinn a Privatbesëtz a stellen, laut den Aussoe vun de Responsabelen, keng weider Schwierigkeet duer.

Wat d’Zäitschinn ugeet, esou soll dës éischt Phas vun der N3 schonn Enn 2017 fäerdeggestallt sinn. Duerno geet et weider mat der zweeter Phas, déi um Rangwee ufänkt an iwwert d’Rue des Scillas weidergeet op de Pôle d’échange Houwald. An och do wäert den Tram integréiert ginn.

Eng lescht Etapp ass dann d’Phas 3, mam Bau vum Contournement vun Alzeng an Hesper, wou ech géif mengen, datt de Buergermeeschter vun Hesper mat Schmärerzen drop waart.

► **Une voix**.- An de Conseiller vun Hesper och!

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- An de Conseiller vun Hesper och, an d’Leit vun Hesper och.

(Brouhaha et interruption par la présidence)

An d’Awunner vun Hesper ganz besonnesch.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Net nëmmen déi Hesper!

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Madamm Lorsché, loosst lech net duerjernee maachen!

(Interruptions)

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- An déi Alzenger...

Ech loosse mech net beiren!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Allez, e bëssen Disziplin, wann ech gelift!

(Brouhaha général)

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- An d’Stater och.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Dir kritt jo alleguerten d’Wuert duerno. Da loosst d’Madamm Lorsché elo schwätzen!